## Schicksalsschléi

Et gët Familjen hei am Land, déi besonnesch vill ënner dem Krich ze leiden haten, dergéint aner déi zu allem jo an Ame gesot hun an esou ouni Schued ze leiden, d'Liberatioun erliewe konnten.

All déi vill Familjen, wou een oder souguer méi vun hinnen am Krich hir Hemechtsléift deier bezuelt hun, woren och no der Liberatioun nach nët mat „allem" fäerdeg. D'Nowéie vum Krich hu sech moralesch a gesondheetlech bemierkbar gemaach a woren zum dackste schwéier ze iwwerwannen an ze helen. Besonnesch awer d'moralesch Schied, déi am Ufank duerch d'Freed iwwerwonne woren, hu sech dach nach méi spéit béis ausgewiirkt.

Nieft all denen, déi an de Prisongen, Zuchthaiser, KZ Lager, Emsiidlung oder Aarbechtszwangslager woren, sin och déi nët ze vergiessen, déi gezwonge si gin eng Uniform unzedoen, déi hinnen am Fong vum Häerz verhaasst wor. All déi Gewëssenskonflikter an all dat Leed, dat mat der Zwangsrekrutéierung verbonne woren, si kaum ze beschreiwen. Déi awer, déi nët an esou engem Fall woren oder keen an der Famill haten, deen ënner déi 7 Joërgäng gefall as, déi vum Gauleiter erausgesicht wore gin, fir a frieme Länner ze verbludden, hate liicht schwätzen. Et kann een och nët individuell jhügéieren, wann een sech nët vu Grond op mat denen eenzele Fäll ofgët. Ech hu mär d'Méi gin, Erliefnësser vun e puer eenzel Fäll ze erfuerschen a mech an d'Situatioun vun dene Leit eranzedenken, déi et wiirklech ugaang as.


Ech kann Iech vir ewech soen, et huet mech richteg ergraff, wéi ech mat Persoune geschwat hun, déi mär iwer eng Zäit geschwat hun, déi mat Bestëmmtheet als deen trauregsten Däl vun hirem jonke Liewe bezeechent muss gin.

Si selwer droen un denen donkelsten Zäite vun eiser Geschicht keng Schold.

**No 45 Joër**

Ech sëtze virun engem Mënsch, dee mär erzielt, wéi et him gaangen as, wéi hien an d'Wehrmacht agezu wor gin . . .

Et as him operluegt schwéier gefall, alles nach eemol opzewullen, an ech hu gespuert wéi et him nach haut, no esou ville Joëren, wéi am Häerz gedoen huet, iwer eenzel Saachen ze schwätzen. Him sin d'Tréinen an d'Ae kom, wann hien iwwer Leit geschwat huet, déi och a schwéierste Stonne gutt mat him woren an hien a sénger grousser Nout deemools verstanen hun . . .



*Marcel REUTER*
*Refraktär a Maquisard*

Zu Biekerech um Kuelebierg huet d'Famill François Reuter-Wagner gewunnt déi sech recht a schlecht duerch d'Liewe geschloen huet, bis d'Preisen eist Land iwwerfall hun. D'Famill Reuter huet op d'Zänn gebass an d'Preisen dohi gewënscht, wou de grénge Peffer wiisst. Awer dëse fromme Wonsch as nët an Erfëllung gaangen, a si hu wéi all déi aner Lëtzebuerger op besser Zäite gehofft.

Awer et as ëmmer méi schlëmm kom. De Gauleiter huet eise Jonktem an den Arbeitsdienst an duerno an d'Wehrmach gepresst. Ënner déi 7 Joërgäng sin och der Famill Reuter hir 2 Jonge gefall.

De Marcel als eelsten as de 17. Oktober 1942 agezu gin. No kuerzer Ausbildung koum hien a Russland an huet do de russesche Wanter um eegne Leif gespuert. De Fronturlaub, op deen hie gewaart huet, as nët bewëllegt gin. An der Schluecht vun Orel as hien de 16. 7. 1943 am „Nahkampf" uerg blesséiert gin. Mat engem „Steckschuss" am lénke Been an de Réck voll Splitter huet e Sanitäter hien opgeraaft an zréck hanner d'Front bruecht.

Mat vill aner Schwéierverwonnter, si lugen een nieft dem aneren an engem Véiwaggon op Stréi, as hien op Bialystock transportéiert gin. Duerno an engem Lazarettzuch, deen och hei zu Lëtzebuerg duerchgefuer as, koum de Marcel mat 8 aner Verwonnter op Maria-Laach an d'Spidol, dat als Lazarett benotzt gin as. Si haten de Marcel op den zwete Stack geluegt, wou ee Bett nieft deem aneren an der Rei stung. Eng Schwëster vum roude Kräiz huet séng Personalien opgeholl. Wëll hien esou vill Péng hat huet hien nom Dokter gefrot. Deen as awer den anere Mueren eréischt kom. Wéi de „Lazarettarzt" u säi Bett kom as, huet de Marcel d'Spéngel vun der NSDAP u séngem wäissen Dokteschkläd erbléckst. „Ach Mensch, das ist ja ein Luxemburger, lassen wir den mal ruhig liegen, die hauen ja sowieso alle ab" . . . dat woren d'Wierder vum Lazarettarzt, wéi hie kuurz am Marcel séngem Dossier gebliedert hat. De Marcel as och als eenzegen nët gewäsch gin an d'Personal huet e Bou ëm säi Bett gemaach, wéi wann hien d'Pescht hätt. Dat wor zevill fir de Marcel. As et dann e Verbriechen, Lëtzebuerger ze sin, an hien huet gekrasch wéi e klengt Kand.

Eng katoulesch Schwëster huet sech endlech sénger erbaarmt an huet him eng Sprëtz géint d'Péng gemaach. „Ich bin von Trier und kenne die Situation von Luxemburg. Ich werde nochmals mit dem Chef-Arzt sprechen damit Sie operiert werden. Ausserdem wird eine junge Ärztin ihre Betreuung nach der Operation übernehmen. Haben Sie Vertrauen zu ihr" . . .

## En Engel a Mënschegestalt

D'Schwëster hat et wiirklech duerchgesat, datt de Marcel deen aneren Dag op den Operatiounsdësch kom as. Wéi hien aus der Narkos erwächt as, stung eng léif Persoun bei séngem Bett. „Soldat Reuter, ich bin Schwester Luise, si können mir vertrauen, weinen Sie nicht mehr. Nicht alle sind schlecht" . . . Wéi si den aneren Dag erëmkom as, huet si dem Marcel de Pillem ënner de Kapp gedréckt an him lues zougeflüstert, „Vorsicht, Feind hört mit". De Marcel wousst gläich Bescheed a wor vun elo u ganz virsiichteg . . .

No an no as hien alles gewuer gin iwer d'Schwëster Luise. Si wor Medizinstudentin a wor gezwonge gin hire Praktikum als „angehende Ärztin" am Lazarett zu Maria-Laach ze maachen. Hire Papp wor „inhaftiert" wegen enger „abwegischer Äusserung gegen die NSDAP". Elo wousst de Marcel Beschäd an hat duebele Respekt virun enger Persoun, déi sech wiirklech als gudde Mënsch beholl huet.



*Dr. Louise GEYER*

Duerch hir Fleeg an Opwaart huet hien sech nët eleng kierperlech, awer och moralesch a séilesch erholl. Dër Schwester Luise konnt hien och verdanken, datt séng Mamm a säi Papp Bréifer kritt hun, déi den Zensurstempel vum Lazarett haten an awer nët duerch d'Zensur gaangen sin. Hie konnt „duerch d'Blumm" schreiwen, wat hie wëlles hätt, wann hien heem kéim. Séng Elteren hu wuel gutt verstanen, wat de Marcel wollt soen, datt Biekerech no bei der belscher Grenz géng leien.

D'Schwester Luise huet Bréifdréier, Post an Zensur an emgems fir de Marcel gespillt. Wann déi Verwonnt an de Better niewent him fir eng kuurz Zäit „zur Behandlung" ofgeholl si gin, wor de Moment do, wou si zwee „offen" mateneen schwëtze konnten.

Si wor him dankbar, datt hien si respektéiert an ni en oniewent Wuert zu hir gesot hätt. „Sie werden bald verlegt, behalten Sie auch weiterhin guten Mut, es wird schon gut werden. Wenn sie durchkommen, schreiben Sie mir nach dem Kriege". Bei dene Wierder huet si dem Marcel d'Hand gedréckt an him hir Adress ënner d'Kappkësse geluegt „Frl. Luise GEYER, bei Frau Jungermann in Wilhelmshaven".

De Marcel huet hir versprach, datt hien si op Lëtzebuerg géng invitéieren, wann hien de Krich gutt iwwerliewe géng . . .

E Verspriechen un e gudde Mënsch, deen et duebel schwéier hat, ënner Parteibonzen a Fanatiker e kloëre Kapp ze behalen an trotz denen ongeheiere Schwiregketen de Fräiheetsgedanke fir sech behalen a versicht huet ze iwwerliewen . . .

Wéi de Marcel säi Verspriechen agehalen huet, kënnt Dir um Enn vu sénger Geschicht liesen . . .

Deen aneren Dag as dem Marcel säi Bett „zu anderswärtiger Verwendung" gebraucht gin. Hie konnt bal erëm op de Bee stoen an as zur „weiteren Genesung" an e Lazarett op Kopenhagen an Dänemark kom.

D'Adress vun der „Schwester Luise" huet hie wéi en Dokument verstoppt a versuergt. Wann de Marcel un déi lescht Wierder vun hir geduecht huet, wor hien elo ëmmer iwwerzeegt, si hätt him wëlle soen, hie soll alles maachen, fir um Liewen ze bleiwen . . .

An där Zäit, wou hie séng Wonnen am Réck an am Bee verpléischtert kritt huet, wor och de Fritz, säi Brudder, deen e Joër méi jonk as wéi hien, agezu gin. Hien hat nach méi eng kuurz „Ausbildung" wéi de Marcel an as direkt un d'Front geschéckt gin . . .

Zu Kiew as hie schons no e puer Deg verwonnt gin a koum och an e Lazarett. D'Splitter, déi him an de Kierper geschloe woren, konnten all erausoperéiert gin bis op een, deen op enger onkammouter Plaz am Kapp sëtzt a nët operéiert ka gin. Dëse russesche „Souvenir" mécht him och haut no bal 45 Joër vill ze schafen.

De Fritz krut och Genesungsurlaub genee wéi säi Brudder Marcel.

## Kuckt nët no eis

Esou sot hire Papp, deen zu 80 % Invalide wor. Är Mamm an ech, mär gi schon eens. „Verstoppt äech . . . de Krich kann nët éiweg daueren".

De Fritz hat eng Stopp fond bei der Famill Nic. Lahr zu Kärech, denen hiren eegne Jong a Russland gefall wor . . .

De leschte Bréif vun him hun si bestëmmt dausendmol gelies. Ech kréie geschwënn Urlaub . . . ech fräe mech schon drop. Matten a sénge Gedanken un doheem huet eng Kugel hie getraff . . .

An der Stopp, déi séng Elteren dem Fritz Reuter ausgebaut haten, sutz hie bis d'Amerikaner kom sin. D'Stopp wor sécher, awer si hat e groussen Nodeel. Si wor kaum 90 cm héich an de Fritz huet musse stonnelang gebéckt dra sëtzen, datt d'Réckkräiz him wéi gedoen huet. Nach deglang no der Liberatioun as hie gebéckt dorëmmer gelaf wéi wann hien e Sak um Réck géng droen. Wann hien awer un déi preisesch Ënnerdréckung geduecht huet, huet hien de Kapp héich gehalen. Dee Moment huet hien och nët un de russesche Souvenir geduecht, deen hien a Form vun deem verkapselte Splitter am Kapp sëtzen huet. Wéi e Barometer gët dat klengt stéck Eisen him viraus Bescheed, wann aner Wieder an Aussicht as.

## Op der Flucht

Wéi de Fritz an de Marcel alle béid nët méi bei hirer „Einheit" ukom sin, woren d'Preise kuääsch gin. Den Auto vun der Gestapo stung zweemol um Kuelebierg zu Biekerech virum Haus Reuter.

De Papp Reuter wor duerno nach eng Kéier „zur Vernehmung" an d'Villa Pauly geruff gin. Datt hien awer nët mat Hänschen do ugepaackt gin as, huet d'Mamm hire Jongen spéider verroden. „Wir werden Sie und ihre Brut vernichten". Datt de Papp Reuter sech op eng Kretsch huet musse stäipe beim Goen, huet d'Preisen an hirer Roserei nët gehënnert . . .!

Duerch een deen et gutt mat hinne gemengt huet, sin dem Marcel séng Eltere gewuer gin, datt si op der Lëscht wären, fir emgesidelt ze gin. Et war héich Zäit.

An der Nuet huet de Papp Reuter a séng Fra sech wéi zwéin Déif mat engem Weenchen aus dem Duerf geschlach. Duerch Feldweër an de Besch bis op Guirsch an d'Belsch. Um Schlass vum Baron hat de Fieschter vum Baron hinnen eng Stopp am Keller ageriicht bis déi éischt amerikanesch Panzer duerch d'Duerf gerullt sin.

## Mat Hëllef vu gudde Leit iwer d'Grenz

An all deer Zäit, wou dat sech ofgespillt huet, hat de Marcel d'Fronte gewiesselt. Dat wëllt soen, datt hien elo vun deer anerer Säit geschoss an am Kampf fir Fräiheet a Gerechtegkeet säi Liewen op d'Spill gesat huet . . .

De 4. Dezember 1943 wor hie fir e „Genesungsurlaub" doheem ukomm. Hien huet gläich séng Frënn besicht a mat hinne beroden, wat hie sollt maachen, fir un déi **richteg** Adress ze kommen. Duerch de Jos. Scheller as de Marcel un den Emile Tompers vu Pärel kom . . . E Rendez-vous gouf arrangéiert. Den Emile as mat dem Zuch bis op Äischen an duerno zréck op Huewel gefuer. Hien huet den Zuch express e puer mol gewiesselt fir eventuell „Verfolger" op eng falsch Spuer ze féieren oder „ofzerëselen". Als Erkennungszeechen hat hien eng kleng Tënnestraischen am Knapplach vum Paltong.

Op der Toilett hu si sech ausgeschwat. De Marcel huet musse verspriechen ni eppes ze verroden. Den 1. Januar 1944 huet hie séng falsch Papeiere krit. Vun elo u wor hien en anere Mënsch mat ganz vill Respônsabilitéit ënner dem Numm „Lesgardeur Auguste vu Chatillon, rue de Viville".

De Bericht iwer de Leidenswee vum Patriot Emile Tompers a sénger ganzer Famill fant där als Folleg vum Marcel sénger Geschicht.

De Stéchdag fir de Marcel Reuter wor den 8. Januar 1944, wou hien sech op de Wee no Uewerpalle gemaach huet. An dem éischten Haus as hie vum Bauer Meyers ofgeholl gin. An der Scheier vum Bauer huet de Marcel bis owes musse waarden. et wor héije Schnéi gefall a fir nët opzefalen hu si sech e wäisst Läildech iwwergeschloen. Wéi zwee Gespenster, een hanner deem aneren, sin si iwer d'belsch Grenz gaang a Richtung Eismillen (Grubermühle).


Mademoiselle Léopoldine


Mademoiselle Jacqueline

Deen aneren Dag sin zum Marcel sénger gréisster Iwwerraschung zwee jong Medercher opgekräizt . . . „Mär kommen d'Kommissioun sichen". Dat wor d'Erkennungswuert, hie konnt sech dene béide Joffere roueg uvertrauen. Si hun hien op enger bestëmmter Plaz „ofgeliwwert" a vun do aus koum de Marcel eréischt an de Quartier général vum Front Indépendant des Chasseurs Ardennais de l'Armée Belge des Partisans. Hei huet hien déi néideg Instruktioune krit an as veredegt gin, dat heescht, hien huet musse verspriechen näischt ze verroden a sénge Virgesetzten ze follegen an all Ordre de Mission esou auszeféieren, wéi et vun him verlaangt gin as.
Mat sénge Waffe krut hien och Adressen uvertraut, déi nëmmen am Noutfall ze benotze wären. Déi verschidde Sammelpunkten an Adressen huet hien sech gutt musse mierken, éier déi verbrannt si gin.

Elo wor de Marcel en Zaldot vun der Armée Blanche am Kampf géint den Ënnerdrécker fir Fräiheet a Gerechtegkeet. Et wor him vun elo un och ganz kloër datt, wann hien de Preisen an d'Hänn géng falen, vun dene kee Pardon ze erwaarden hätt.

De Capitaine huet sénge Leit virun all „ordre de marche" an „ordre de mission" ausdrécklech un d'Häerz geluegt . . . prenez garde devant les mouchards, les Prussiens, vous les voyez, mais les mouchards . . . on les connait pas". Dat wor vill gesot, an et as vun alle Partisanen ganz eescht opgeholl gin.

Wëll de Marcel gutt däitsch schwätze konnt, wor hien als Courrier am Réseau Bastogne-Arlon-Barancy-Virton-St. Mard agesat gin. Fir sech ze déplacéieren, stungen op verschidden Adresse Veloen fir hie parat mat denen hien, ouni ze froen, fuere konnt.

Gläich bei sénger éischter Missioun wor dem Marcel säi Courage op eng eescht Prouf gestallt gin a nëmmen säi spontanen Entschloss a säi „sang-froid" huet hien aus enger ganz kritescher Situatioun gerett.

Hien hat den Opdrag krit e Message urgent vum Colonel Remo an „d'Boîte secrète" op Arel ze féieren. Dës Boîte secrète wor am Haus vun der Madame X. Hire Mann wor Offizéier an der belscher Arméi an nach an Däitschland a Gefaangeschaft. D'Madame X wor eng flott an ëmpeg Madämmchen an huet hire „Charme" an den Dengscht vun der Armée Blanche gestallt. Dat wëllt soen, datt si de Preisen de „Wiirmche" gezun huet, an esou konnt si munnech wichteg Matdelong der Armée Blanche iwwergin, déi si de Preisen ausgeschniewelt hat.

Op engem Dammevelo, deen an allen Ecke gequitscht huet, sollt de Marcel sech dann op de Wee machen. Hien as esou vill méi méiglech op klenge Stroosse gefuer fir a keng Kontroll ze falen. Zu Toernich huet de Marcel bei engem „Vertrauensmann" d'Gewëssheet krit, datt séng „route" propper wär. De Marcel huet „d'Boîte secrète" no beim Bottermaart gutt fond a séng Missioun erliedegt.

Fir méi séier zréck bei säi Grupp ze kommen, huet hien en anere Wee geholl, deen iwer Aix-sur-Cloie (Esch op der Huert) geféiert huet. Et wor scho geféierlech eleng, fir sech als jonge Borscht op der Strooss ze weisen, wëll déi jong Leit an der Belsch bal all „dienstverpflichtet" woren an hun an Däitschland musse schaffe goen. Op Schrëtt an Trëtt huet een den Ausweis gefrot krit.

De Marcel wollt laanscht de schéinen Hotel fueren, dee matzen am Bësch läit. Hie wor schon e puer mol dobanne mat enger Kommissioun.

Ganz opgereegt zielt de Marcel mär wéi et him elo ergaang as : „Wéi ech iwwer dem Fueren opkucken, gesinn ech vu wäitem, datt d'Preisen e Camion quäääsch als Stroossespär am Wee stoen haten. Op der Säit hun ech e puer Maschinne-

gewierer an eng Pyramid vu Gewierer gesinn. Méng Gedanken hu sech iwwerschloen. Et as e wéineg de biergop gaang, an ech hätt mat deem ale Velo keng Chance gehat fir fort ze kommen. Et wor nëmmen eng Méiglechkeet ... de Bësch op der Säit. Wéi ech op honnert Meter ongeféier erukom wor, as mäi Bléck op déi kleng Tännebeem gefall. Et wor keng Minutt ze verléieren. Nach woren d'Preisen nët bei hire Gewierer an ech hun déi kleng „avance" ausgenotzt ... E klenge Saz, mat dem Velo de Rambli erof, ech si gelaf, wat ech konnt duerch de Gëns an duerch d'Getraisch ...

D'Preise woren iwwerrascht an éier si d'Gewierer erwëscht haten, wor ech ewell e gutt Stéck duerch d'Dännen. Ech hu si héiere jäizen. „Los hierhin ... nein, er ist in dieser Richtung gelaufen". Mat hire Gewierer sin si nët esou séier duerch d'Getraisch kom wéi ech ... Viru mär op eemol eng kleng fräi Plaz zwëschen den Dännen. Déi kënnt mär zum Verhängnis gin. Op der Säit déif Kaulen a Lächer, wou Reewaasser dra stung. Et wore Kaulen a Lächer, wou d'Wëllschwäin sech bestëmmt dragewänzelt haten. Ech hu kee Moment gezéckt a schons luch ech am Bulli, deen iwer mech gespritzt as. Et wor fir mech déi eenzeg Geleënheet an och déi bescht „Tarnung" ...

Wëll déi meescht Preise beim Camion op der Strooss hu musse bleiwen, woren et vläicht nëmmen zwéin oder och dräi, déi hanner mär woren. Wéi si awer mat de Stiwelen an de Bulli kom sin, hu si geflucht an ëmgedréint. De Morast wor méng „Rettung" a wéi ech den Dreck aus den Oueren erausgewëscht hat, hun ech d'Gejäiz ganz wäit ewech héieren.

No 10 Minuten ongeféier hun ech mech aus dem Bulli erausgeschafft. Mäi Gezei wor schwéier wéi Bläi an ech konnt nët séier lafen. Wou d'Getraisch nët héich wor, sin ech op de Véiere gekroch, fir datt ee vu wäitem näischt sollt gesinn.

Well ech den Habicher Bësch gutt kannt hun, sin ech a Richtung Fouches (bei Meix-le-Tige) gelaf. Mäin Otem as ëmmer méi schwéier gaang, an ech wor bal um Enn vu ménger Kraaft.



Fräiheetskämpfer aus der Armée Blanche, déi vun de Preisen erschoss si gin

Ech si bei gudde Patrioten ënner Daach kom, wou ech mech an enger Bidde ganz ofgeschruppt hun. Fir enger eventueller „Verfolgung" mat Polizeihonn virzebauen, si méng Kleder an eng Piffkaul gehäit gin. Ech si nei agekleet gin a wéi ech bei enger Tas Kaffi sutz hun ech eng onheemlech Péng an de Läif kritt. Déi Leit, wou ech wor hu gemengt ech hätt mech beim Lafe „berrass". Wéi d'Péng ëmmer méi uerg gin as, hun déi gutt Leit den Dokter geruff. Deen huet eng „akut" Blinddarmentzündung festgestallt. Et wär keng Zäit ze verléieren, an ech misst direkt operéiert gin. Wéi hien awer héieren huet, datt ech e Lëtzebuerger Déserteur wär, huet hie mat der Angscht ze di krit a wollt näischt méi dovu wëssen. Hien huet esouguer vun enger Operatioun am Haus selwer geschwat . . .

Op Drock vun de belsche Patrioten hin, huet hie mat engem Dokter vun Arel tëlëfonéiert. Dee wor berät mech am Spidol ze operéieren. Direkt as eng Noriicht duerch eng „poste restante" u mäi Capitaine gaang, an ech sin als Kniecht verkleet op Arel an d'Spidol gefouert gin . . .

Nëmmen den Dokter an d'Schwëster um Stack wousste „Bescheed". Fir d'Saach méi „glaubhaft" ze maachen, sollt méng Mamm bei méngem Bett waachen ! Eng Persoun aus der Résistance, deer hir ganz Famill an Däitschland verschlääft gi wor, huet dës Missioun fräiwëlleg iwwerholl. Si as dementspriechend agekleet gin a sutz niewent méngem Bett. D'Schwëster hat e Schëld un d'Dir gehaang, „Attention malade contagieux". Drënner stung, „Vorsicht Ansteckungsgefahr" . . .

Ech hat nach héich Féiwer wéi d'Preise Kontroll maache kom sin. Am Fall, wou mär eppes gefrot sollte gin . . . nët nervös gin a nëmme kuurz äntweren . . .

Et as nët dozu kom. Wéi d'Preise gelies hun . . . „Vorsicht Ansteckungsgefahr", do sot deen ee vun de Preisen : „Hier geh ich nicht hinein". Mär hun d'Schrëtt vun de preissesche Stiwwelen am Gank héiere bis d'Dir zougefall as. „Méng Mamm" an ech hun opgeotemt an ech hu gesi wéi méng „Mamm" hir Hand ënner der Decken, déi si um Schouss leien hat, erausgezun huet. Si wor op dat „Schlëmmst" geriicht . . .

Ech hat Tréinen an den Aen wéi ech hir MERCI gesot hun, an ech wor nach e wéineg wackeleg op de Been, wéi méng Frënn aus dem Maquis mech ofgeholl hun. E Bauer mat engem Gefier Stréi, wou ech als Kniecht nach eng deierlech Figur drop gemaach hu wor mäin neie „Patron". Méng „Mamm" alias Mademoiselle Renelle, sutz niewent dem Bauer, dee mech op säin Haff gefouert huet bis ech méng Plaz ërem an de Reie vun der Armée Blanche konnt anhuelen.

Et si ganz schwéier Deg fir d'Fräiheetskämpfer aus dem Maquis kom an esou muncher ee vu ménge Komeroden as an eng Fal getappt a vun de Preisen ëmbruecht gin . . .

## Dëm sécheren Doud entwutscht

Ech wor scho laang erëm kuréiert, wéi ech de 16. August eng Missioun krit hun, ganz wichteg Bréiwer, déi ech fest ëm d'Bee gebonnen hat, op eng bestëmmten Adress ze bréngen. Ech hu ganz virsiichteg musse sin, wëll d'Preisen déi lescht Deg an den Dierfer grouss Razziaë gehalen hun. Mäi Gewier hat ech am Bësch verstoppt awer méng 7,65er hat ech entséchert an der Säit stiechen.

Zwéi Komeroden hu mech begleet a wéi mär un d'Enn vum Bësch kom sin, si ganz onerwaart zwéin däitsch Zaldote virun eis opgekräizt. Et koum zu enger Schéisserei . . . méng Komerode konnten sech zréckzéien, awer mech hat et erwëscht, wëll ech nët séier genuch hanner e Bam konnt sprangen. Ech wor um Been an un der Broscht duerch e Sträifschoss verwonnt gin. De Schock wor esou